



Här Fernand Etgen

President vun der Chamber

Lëtzebuerg, de 14. November 2022

Här President,

Esou wéi den Artikel 81 vum Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **dréngend** Fro un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an Nohalteg Entwécklung weiderzeleeden.

An engem Interview am „Tageblatt“ vum 14. November 2022 äntwert d'Madamm Ëmweltminister op eng Fro zum Projet vum Google-Data-Center zu Biissen an zum domat verbonnene Waasserverbrauch: *„Ich habe da kein Dossier, ich kann mich dazu nicht gut auslassen, weil ich nicht weiß, ob da wer mal kommt und wenn ein Projekt kommt, welches Projekt da kommt. Das ist alles schwer vorzusehen. Klar ist, dass das kein Standardprojekt sein kann.“* Laut eisen Informatiounen gesäit de „Memorandum of Understanding“ tèschent dem US-amerikanesche Konzern an der Lëtzebuenger Regierung vir, dass Google bis spëtstens Ufank 2024 eng Baugeneemegung muss ugefrot hunn.

An deem Kontext wéilt ech folgend Froen un d'Madamm Minister fir Ëmwelt, Klima an Nohalteg Entwécklung riichten:

- Kann d'Madamm Ëmweltminister confirméieren, dass – wéi si am Interview am „Tageblatt“ seet – bis elo kee Projet vu Google an hirem Ministère deposéiert ginn ass?
- Wann d'Baugeneemegung bis Ufank 2024 muss ugefrot sinn, ass et virun deem Hannergrond realistesch, dass sämtlech Prozeduren am Ëmweltministère kéinten an engem Joer ofgeschloss sinn?
- Ware respektiv sinn d'Servicer vum Ëmweltministère aktuell nach am Kontakt mat de Responsabele vu Google fir d'Implantatioun vun engem Data-Center zu Biissen?

Här President, ech bieden Iech, mäin déifste Respekt unzehuelen.

Laurent Mosar

Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Environnement, du Climat
et du Développement durable

Äntwert vun der Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung op d'parlamentaresch Fro n°7169 vum 14. November 2022 vum éierewäerten Deputéierten Här Laurent Mosar iwwert den "Centre de données de Google à Bissen"

Kann d'Madamm Ëmweltminister confirméieren, dass – wéi si am Interview am „Tageblatt“ seet – bis elo kee Projet vu Google an hirem Ministère deposéiert ginn ass?

An der Hypothees, dass matt "Projet" eng Geneemegungsfro gemengt ass, kann ech confirméieren, dass keng esou am Ministère fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung (MECDD) oder senge Verwaltungen deposéiert ginn ass.

An den Äntwerten op d'parlamentaresch Froen n°6692 an n°6713 goufen d'Prozeduren jo scho beschriwwen. Aktuell ass et um Bauhär fir säin Rapport d'évaluation nom EIE-Gesetz (loi modifiée du 15 mai 2018 relative à l'évaluation des incidences sur l'environnement) eranzerechen.

Wann d'Baugeneemegung bis Ufank 2024 muss ugefrot sinn, ass et virun deem Hannergrond realistesch, dass sämtlech Prozeduren am Ëmweltministère kéinten an engem Joer ofgeschloss sinn?

De MECDD huet weder en Afloss drop wéi séier de Rapport d'évaluation EIE agereecht gëtt, nach wéini déi néideg Geneemegungsfroen agereecht ginn. Dofir kann ech och keng Ausso doriwwer maachen, ob déi Schrëtt - déi iwweregens all onofhängeg vun der Baugeneemegung sinn - bis Ufank 2024 all ofgeschloss kéinten sinn.

Ware respektiv sinn d'Servicer vum Ëmweltministère aktuell nach am Kontakt mat de Responsabele vu Google fir d'Implantatioun vun engem Data-Center zu Biissen?

Am Kader vun der Preparatioun vun der EIE-Prozedur an den Dokumenter déi fir den Avis iwwert den Inhalt vum EIE-Rapport noutwenneg sinn, gouf et Echangë mat menge Servicer. Aktuell si meng Servicer net a Kontakt mat de Responsabele vu Google.

Lëtzebuerg, den 8. Dezember 2022
(s.) Joëlle Welfring
Ministesch fir Ëmwelt, Klima an nohalteg Entwécklung